Gemengewalen: D'Alternativ fir de Norden

ADR: Eng kloer Sprooch!

D'ADR ass d'Partei vun der Rentegerechtegkeet. D'ADR ass d'Partei vum Referendum, mat hirem 3x Nee. D'ADR huet gewisen, datt si denkt, wéi d'Leit am Land och denken.

D'ADR ass eng jonk Partei mat just 30 Joer. Vun hire soziale Wuerzelen huet si sech weiderentwéckelt zu enger sozial engagéierter, un de Wäerter vum Land orientéierter Partei.

Mir bezéie kloer Positiounen, an eis Haaptthemen bleiwen an der Gemengepolitik aktuell:

- **Lëtzebuerger Sprooch a Kultur**
- **Integratioun**
- **Schoul, Familljen- a Sozialpolitik**
- **Antriede fir d'Privatsphär an d'Meenungsfräiheet, mee och fir d'Sécherheet**
- **eng humanistesch a rechtlech Approch zur Flüchtlingspolitik**
- **Hannerfroe vun den EU-Exzesser an d'Betoune vum Wäert vum Nationalstaat**

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. Nom Subsidiaritéitsprinzip soll de Staat sech just ëm Aufgabe këmmeren, déi net besser vun der Gemeng ze erleedege sinn.

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir ...

Lemaire Michel
28 Joer, Maarnech
Attaché parlementaire

Dr. iur. Xhonneux Detlef
50 Joer, Reiler
Jurist a Steierberoder

Fank André
71 Joer, Fëschbech
Pensionéiert

Strassener Gustavo
59 Joer, Eselbuer
Employé

Scholtes Mike
45 Joer, Hengescht
Sécherheetsbeamten

O'Brien Silvia
64 Joer, Eselbuer
Hausfra

Cliärref!

www.adr.lu

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir ...

Engelen Jeff
Tratten
Gemengerot

Faber Nathalie
Heesdref
Aide-soignante

Fettes Melanie
Brotebach

Gilz Tina
Diénjen
Vendeuse

Haag Anita
Boxer
Bauer

Haan Claudine
Saassel
Post-Ausdréiesch

Molitor Sharon
Houfelt
Wirtschaftsberoderin

Pleger Claude
Aasselburren
Aarbichter

Reding Sacha
Heesdref
Aarbichter

Renckens Pierre
Saassel
Bauer

Weis Kevin
Brotebach
Busmecanicien

Wëntger!

www.adr.lu

Prioritéite fir de Norden

Wunnen

Och am Norde vum Land kënnen sech ëmmer méi Léit kee bezuelbare Wunnraum méi leeschten. Gi mir zu Grenzgänger am eegene Land? Iwwerdriwwen Energienormen droen zur Verdeierung bäi. Mir suerge fir bezuelbare Wunnraum ouni doduerch den historesche Charakter vun den Uertschaften ze zerstéieren. Eis konkret Iddien op adr.lu oder am nächste Pefferkär!

Solidaritéit

D'Solidaritéit géigeniwwer Matbierger am héijen Alter, mat Krankheeten oder Behënnerungen, muss éischt Prioritéit sinn. D'Gemeng muss mat spezialiséierte Veräiner, Hëllefsdéngschter an Associatiounen dobäi hëllefen, datt dës Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Liewe vun enger Gemeng ausgeschloss ginn.

Natur

Der ADR läit d'Ëmwelt um Häerz. D'Gemengen am Norden definéieren sech duerch hir landschaftlech Schéinheet. De Schutz vun der Natur, vun der Qualitéit vun de Flëss a Baache muss allerhéchst Prioritéit genéissen. D'Waasserqualitéit vun der Our huet an der Lëscht däitlech ofgeholl, d'Ursaachen heivunner mussen detektéiert an effikass bekämpft ginn.

Lëtzebuergesch

D'ADR ass déi Partei, déi sech wéi keng fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir sinn der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Sprooch fir eis auslännesch Matbierger d'Integratiounsmëttel Nummer 1 ass. Mir setzen eis dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch net nëmmen op nationalem, mee och op kommunalem Niveau zu sengem Recht kënnt.

Flüchtlingen

D'ADR ass fir eng aner Flüchtlingspolitik, déi deene Leit Hëllef bitt, déi se wierklech zegutt hunn. Keng Wirtschaftsflüchtlingen an zeréck zum Respekt vun den internationale Konventiounen a séchere Grenzen. Beim Ariichte vun Opfankstrukture mussen d'Awunner vun der Gemenge gefrot ginn. Et däerf net zu soziale Ghettoe kommen!

Gouvernance

D'ADR an ärer Gemeng setzt sech fir eng verantwortungsvoll a nohalteg Finanzpolitik an. D'ADR an ärer Gemeng setzt sech a fir méi Biergerbedeelegung. Bei wichtege kommunale Froe soll de Bierger matschwätzen däerfen z.B. duerch d'Ofhale vun engem Referendum! D'ADR mécht sech staark géint Korruptioun a Vetternwirschaft op kommunalem Niveau!

adr